N°792
Entrée le 27.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.05.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 81 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Aarbecht weiderzeleeden.**

D'däitsch Inneministesch huet an engem Interview mat der Tagesschau den 26te Mee gesot, et misst een zousätzlech Sécherheetsmesuren am Kader vun der Fussball EM an Däitschland huelen, déi den 14te Juni ugeet. An de "kommenden Deeg" sollten dës Mesuren a Kraaft trieden, sot d'Ministesch Faeser, an datt si ab Juni d'Genzen insgesamt wäert zoumache loossen - och a Richtung Westen. Esou Grenzkontrolle kéinnten d'Grenzgänger op der Däitscher an der Lëtzebuergescher Säit vill Zäit kaschten. An enger Äntwert op d'Fro n°567 huet den Inneminister schonn éicht Erklärunge ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Bis ewell ass de Message zu den Grenzkontrollen nach net an der breeder Populatioun ukomm. Plang d'Regierung d'Frontalieren an d'Residenten nach iwwert dës ugekënnegt Kontrollen ze informéieren? Wéi wäert d'Regierung d'Leit, déi hei am Land wunnen a schaffen, iwwert dës Kontrollen opklären?

2. "La police allemande devrait procéder entre autres à des contrôles proactifs aux frontières avec le Luxembourg." Wat fir Kontrolle si genau vun Däitschland bis ewell ugekënnegt ginn?

3. An der Äntwert op d'Fro n°567 seet den Inneminister datt d'Kontrollen op den Zäitraum vun der EM begrenzt wieren (14-06 bis 14.07). An däitsche Medien gëtt d'Ministesch awer un, datt d'Kontrolle scho sollen "ab Juni" starten, domat ass wuel éichter den 1te Juni gemengt. Huet sech hei eppes geännert oder waren d'Ugaben aus der Äntwert hei net korrekt?

4. An engem Pressecommuniqué vum Inneministère kann ee liesen: "le ministre a plaidé pour une mise en œuvre mesurée, ceci également dans l'intérêt des travailleurs frontaliers."
   Wat fir eng Léisunge huet de Minister hei konkret virgeschloen? Wat huet d'Inneministesch an deem Sënn versprach, respektiv wat ass nom Gespréich zréckbehale ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

N°792
Entrée le 25.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°792 vum 27. Mee 2024 vum honorabelen Députéierten Sven Clement zum Sujet "Contrôles aux frontières allemandes pendant le Championnat d'Europe de football"**

**Fro 1**

Opgrond vum Artikel 27 vum Schengener Grenzkodex huet déi däitsch Inneministesch an engem Bréif vum 8. Mee 2024 un d'Inneminister vun der EU a vun de Schengen-Vertragsstaaten matgedeelt, dass temporär Bannegrenzkontrollen tëscht dem 7. Juni an dem 19. Juli 2024 stattfanne wäerten, dëst am Kader vun der UEFA EURO 2024. Sollt et zu Verkéiersproblemer kommen, géifen d'Pendler iwwert d'Medien doriwwer informéiert ginn, fir hir Dispositioune kënnen ze huelen.

**Fro 2**

Laut dem uewe genannte Bréif vum 8. Mee 2024 géifen déi temporär Bannegrenzkontrollen net duerchgehend a net flächendeckend stattfannen, mee zäitlech an örtlech flexibel duerchgefouert ginn.

**Fro 3**

Den Zäitraum vum 14. Juni bis den 14. Juli bezitt sech op den Zäitraum vun der Fussball-Europameeschterschaft an Däitschland. Zum Zäitpunkt vun der leschter parlamentarescher Fro N° 567 vum 3. Abrëll 2024 war dee genauen Zäitraum vun de Grenzkontrollen nach net bekannt. Dëse gouf réischt duerch de Bréif vum 8. Mee bekannt, an deem déi däitsch Inneministesch präziséiert, dass d'Kontrollen op de 7. Juni bis den 19. Juli 2024 festgeluecht ginn.

**Fro 4**

Op enger bilateraler Entrevue zu Berlin den 22. Mee 2024 hunn ech déi däitsch Inneministesch un d'Pandemie-Zäit erënnert, wärend där d'Covid-Kontrollen op de Grenzen zu massive Verkéiersproblemer gefouert hunn an ee groussen Impakt op d'Pendler an op d'Zesummeliewen an der Groussregioun haten.

Ech hunn der Ministesch d'Ënnerstëtzung vun der Police grand-ducale ugebueden, wéi och d'Zeréckgräifen op de "Centre de coopération policière et douanière" fir den Informatiounsaustausch ze verbesseren. D'Madame Faeser huet deemools präziséiert, dass et sech ëm sporadesch Kontrolle wäert handelen, déi innerorts an Däitschland wäerte stattfannen. Trotzdeem koum et zu Verkéiersproblemer. Et ass mir erkläert ginn, dass déi däitsch Polizisten keng fix Equippen hunn, mee Polizisten aus ganz Däitschland asetzen, déi andscheinend net forcément déi lescht Informatiounen haten.

En marge vum Conseil JAI vum 13. Juni 2024 zu Lëtzebuerg hunn ech déi däitsch Inneministesch nach eng Kéier op den Impakt vun de Bannegrenzkontrollen opmierksam gemaach.

Den 19. Juni 2024 hat ech e weidert Telefonsgespréich mat der Madame Faeser. Parallel dozou sinn och den 19. Juni d'Policedirektioun vu Lëtzebuerg an d'Bundespolizeidirektion vu Koblenz zesummekomm an hu Mesurë festgehalen, fir de Verkéiersfloss, mee och d'Sécherheet am Kader vun der Fussball-EM ze garantéieren. Dohier hunn ech ee Communiqué de presse de 19. Juni 2024 eraus geschéckt, deen dëser Äntwert annexéiert ass.

Lëtzebuerg, den 25. Juni 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN